Fabienne Erpelding

Alter:29
diploméiert Infirmière am Centre Hospitalier Emile Mayrisch,
Kandidatin fir den OGBL bei de Wahle fir d'Personaldelegatioun vum CHEM,
gepacst mam Gomes Ganeto Alex,
1 Kand (ënnerwee)

Kannst du dich selbst kurz vorstellen?

Meng Interesse si ganz kloer de Sport, deen eng grouss Plaz a méngem Liewen huet,ech fuere vill Vëlo a gi gäre lafen.
A mengem Haus, wat am Bau ass, wäert ech d'nächst Joer erëm e Geméisgaart usetzen, leider ass dat de Moment am Appartement wou ech wunnen, net méiglech.

Was sind deine politischen Prioritäten (in der Gemeinde und allgemein)?

Ech interesséiere mech fir Politik, well ech mech ëmmer iwwert vill Saachen opgereegt hunn, déi fir mech onmënschlech an onlogesch geschéngt hunn. Genau dat wëll ech änneren, souwuel am soziale wéi och am gesondheetleche Wiesen. Mir ass et wichteg dass et de Familljen, souwuel allengerzéiend wéi och deenen aneren, gutt geet. Dëst gëllt och fir déi Pensionnéiert an d'Senioren, déi leider ganz oft un der Aarmutsgrenz liewen. Fir mech misst eng Reform am Gesondheetswiese kommen, déi vu Leit vum Terrain gemaach géif ginn, an déi positiv wier, souwuel fir d'Spideeler, d'Altersheemer, Ariichtungen fir d'Leit mat Handicap (Inklusioun), wéi och fir d'Gesondheets- an Sozialpersonal an d'Dokteren.
An eiser Gemeng sinn ech aktiv an der Seniorekommissioun an an der Sportskommissioun, wat natirlech verréit, dass dat d'Resultat vu mengen Interessen ass.

Was erwartest du dir bei den Parlamentswahlen?

Ech erwaarde mer, dass d'Leit mir Vertrauen schenken an erkennen, dass ech vill kéint erreechen, wat de Sozialen- an de Gesondheetsaspekt ugeet. An ech denken, dass et och bei deene Gréngen wichteg ass, Leit aus alle Sparten dobäi ze hunn.